N°3188
Entrée le 13.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.11.2025
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. November 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Logementsminister weiderzeleeden.

Viru Kuerzem hat den Här Minister e Schreiwes un *"personnes sélectionnées"* geschéckt, fir si dozou opzefuerderen, un der Enquête "Cadastre des loyers" deelzehuelen. An dësem Schreiwes heescht et: *« Par la présente, je vous invite à remplir le questionnaire en ligne, d'une durée de 25 minutes, disponible en français, allemand et anglais. »* Verschidde Leit hunn sech doropshin driwwer opgereegt, dass dësen Online-Froebou net an der offizieller Landessprooch Lëtzebuergesch disponibel ass.

An deem Zesummenhang hunn ech follgend Froen un den Här Minister:

- Firwat gëtt dee Froebou net op Lëtzebuergesch ugebueden?
- Wéi vill Persoune goufe fir dës Ëmfro selektionéiert? Wéi vill vun hinnen hunn déi Lëtzebuerger Nationalitéit a sinn deemno censéiert Lëtzebuergesch ze verstoen?
- Wéi steet den Här Minister zur Iwwerleeung, datt méi ugeschriwwe Leit dee Questionnaire géifen ausfëllen, wann en och op Lëtzebuergesch géif ugebuede ginn?
- Wéi passt d'Entscheedung, dee Questionnaire net op Lëtzebuergesch unzebidden, zur offizieller Sproochepolitik vun der Regierung, déi den „Aktiounsplang fir d'Lëtzebuerger Sprooch" zu enger Prioritéit erklärt huet ?
- Plangt de Ministère, dee Froebou nodréiglech och op Lëtzebuergesch unzebidden?
- Ginn et Pläng, zukünfteg Ëmfroe méi inklusiv ze gestalten, z. B. duerch all offiziell Sproochen zousätzlech zum Engleschen?

Mat déiwem Respekt,

Schoos.

Alexandra Schoos
Deputéiert